Rettungspunkten am Gemengebësch Lëntgen

Eise Bësch ass eng beléifte Plaz fir Fräizäit an Erhuelung – ob beim Spadséieren, Joggen oder Vëlofueren. Fir dass Dir dëse Moment nach méi **onbeschwéiert** genéisse kënnt, goufen dëse Summer duerch de **Bëschservice a Service technique** nei **Rettungspunkten** opgestallt. Si bidden am Fall vun engem Accident oder enger anerer Urgence eng **séier a gezielten Hëllef** a maachen Äre Besuch am Bësch méi sécher.

Wat ass e Rettungspunkt?:

Et handelt sech ëm **Schëlder op strategesche Plazen** am Bësch. Do drop fannt Dir:
✓ d'Noutruffnummer **112**
✓ eng **Identifikatiounsnummer** (z. B. *LI-001*)
✓ d'**Koordinaten** vum geneeë Standuert

Am Noutfall braucht Dir just dës Nummer dem CGDIS duerchzeginn. Doduerch ass direkt kloer, wou Dir sidd – ouni laang Erklärungen oder onpräzis Weebeschreiwungen.

Séier, präzis a richteg Hëllef:

D'Rettungspunkten hunn en entscheedende Virdeel: Duerch déi genee Ortung gesäit de Rettungsdéngscht **direkt, wéi ee Rettungspunkt am noosten ass**. Si kënnen esou **de kierzeste Wee wielen** an och **dat richtegt Gefier** asetzen – ob Ambulanz, 4x4 etc. Dat mécht d'Hëllef net nëmme méi séier, mee och méi effizient.

Egal ob Dir am Bësch spadséiert, joggt, mam Mountainbike ënnerwee sidd oder do schafft – d'Rettungspunkten bidden jidderengem eng zousätzlech Sécherheet. Si sinn iwwer déi wichtegst Plazen am Bësch verdeelt a suergen dofir, dass am Noutfall séier gehandelt ka ginn.

Tipp fir jiddereen:

Wann Dir an de Bësch gitt, kuckt Iech emol un, **wéi e Rettungspunkt an Ärer Géigend läit**. Am Noutfall kënnt Dir esou séier a gezielt Hëllef ruffen.

Cédric Farinon, Fierschter.

Administration
de la nature et des forêts
Grand-Duché de Luxembourg

Administration
de la nature et des forêts
Grand-Duché de Luxembourg

Notruf - Appel d'urgence - Emergency call
112
RETTUNGSPUNKT
Point de sauvetage - Rescue point
LI027
LI 1
LI 2